N°2462
Entrée le 16.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden an vun der Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°2462 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Compétences des communes dans le domaine de la circulation".

Den honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN renseignéiert sech iwwert d'Kompetenze vun de Gemengenautoritéite bei Decisiounen iwwert d'Gemengeverkéiersreglement an dem deementspriechenden Opstelle vun der Stroossebeschëlderung.

*Ass d'Virgoen vun der Gemengeverwaltung juristesch richteg an huet déi Beschëlderung dierfte gemaach ginn, ouni dem Gemengerot säi Vott heizou ofzewaarden?*

Den Artikel 5 vum modifizéierte Gesetz vum 14. Februar 1955 betreffend d'Verkéiersreegelung op allen ëffentleche Stroossen geséit vir, dass d'Gemengenautoritéite kompetent si fir d'Reglementéierung vum Verkéier op den ëffentleche Stroossen um Gemengenterritoire.

Als Gemengenorgan ass de Gemengerot kompetent Verkéiersreglementer unzehuelen, déi net ënner d'Urgence falen.

Fir dass d'Verkéiersreglementer vum Gemengerot kënnen exekutéiert ginn, brauchen se eng duebel Approbatioun vum Mobilitéitsminister a vum Inneminister (Art. 5 vum Gesetz vum 14. Februar 1955 betreffend d'Verkéiersreegelung op allen ëffentleche Stroossen).

Eréischt wann dat approuvéiert Verkéiersreglement duerch Affichéiere wärend 3 kompletten Deeg op den übleche Plaze veröffentlecht ginn ass, trëtt et a Kraaft a kann exekutéiert ginn. (Art. 82 vum modifizéierte Gemengegesetz). Deementspriechend kann och dann eréischt Stroossebeschëlderung ugepasst ginn.

D'Verkéiersreglement vum 31. Mäerz 2025 vun der Gemeng Péiteng gouf den 11. Abrëll 2025 vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an den 22. Abrëll vum Inneminister approuvéiert.

De Ministèren hir Uweisungen zu Prozedure vun de Verkéiersreglementer vun de Gemengen entspriechen dëse Bestëmmungen an et goufen an dësem Zesummenhang och keng nei Uweisunge fir déi aktuell Prozeduren ze veränneren.

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden